LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister op d'parlamentaresch Fro Nr. 4330 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup.**

1. **Ass den Här Premierminister der Meenung, datt et fir d'Institutioun CCDH gutt ass, wann si kloer parteiesch Positiounen anhëlt a sech dofir ausspréicht, net mat verschiddene gewielte politesche Parteien zesummenzeschaffen?**
2. **Wéi gesäit d'Regierung d'Onofhängegkeet an d'Neutralitéit vun der CCDH, besonnesch wann hir Presidentin ëffentlech „Brandmauer"-Positioune géint demokratesch gewielte Fraktioune vertrëtt?**
3. **Wéi kéint een an Zukunft verhënneren, datt si vun de Bierger als parteipolitescht Instrument wouergeholl gëtt?**

D'Promotioun an d'Verdeedegung vun de Mënscherechter, esou wéi se fir eng Institutioun wéi d'CCDH virgesinn ass, bedeit zwangsleefeg, datt Entscheedungen an och ausgedréckten Positiounen vu politeschen Acteuren mussen kënnen, aus der Perspektiv vun de Mënscherechter, kritesch analyséiert a kommentéiert ginn, wëll Verstéiss géint Mënscherechter och kënnen aus politeschen Entscheedungen entstoen. Zu deene politeschen Acteuren gehéieren och d'politesch Parteien, grad wéi d'Regierung.

D'Opfaassung, datt d'CCDH keng parteiesch Positioune kritiséiere dierf, berout deemno op engem Mëssverständnis vun hirer Roll an hirem Mandat.

Dat ass esou well d'Mënscherechter net nëmmen formell Decisiounen concernéieren déi vun de gewielten Volleksvertrieder gehollt ginn, mee och den ëffentlechen Debat, deen dës Decisiounen, virbereet, begleet a matgestallt.

D'Regierung ass der Meenung, datt d'Méiglechkeet fir d'CCDH, sech fräi zu Froen auszeschwätzen, déi an hire Mandatsberäich falen, en essentielle Bestanddeel vun hirer institutioneller Roll duerstellt, an e wichtege Pilier vun der Promotioun an dem Schutz vun de Mënscherechter ass.

An dat bedéit datt een och Kritik u Positiounen vun de Parteien, déi an engem Parlement setzen oder Deel vun enger Regierung sinn, kann ausüben, wann dës Positiounen d'Ausleeën vun de Mënscherechter concernéieren. Eng Demokratie kann, a muss, mat kriteschen Meenungsäusserungen ëmgoen.

Zum Schluss ass d'Regierung och der Meenung, datt den ëffentlechen Debat kloer genuch differenzéiert ass, fir sécherzestellen, datt bei de Bierger keen Zweifel doru besteet, datt d'CCDH keng parteipolitesch Aktivitéit ausüübt oder eng politesch Partei ënnerstëtzt, mee ausschliisslech hir Aufgab als onofhängeg Institutioun erfëllt.

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2026

De Premierminister,
(s.) Luc FRIEDEN